N°4459
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Fir vill Leit sinn Hausdéieren e wichtegen Deel vun der Famill. De Verloscht vun engem Déier, besonnesch wann et als vermësst gemellt gëtt, geet dacks mat grousse Suergen an enger héijer emotionaler Belaaschtung an hier.

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°2809 hunn d'Madamm Ministesch an den Här Minister drop higewisen, datt d'Police primär fir d'Sécherheet vu Mënschen zoustänneg ass an de CGDIS sech op d'Rettung vu Mënsche konzentréiert. Eng Interventioun am Zesummenhang mat vermëssten Déieren ass deemno nëmmen an Ausnamefäll virgesinn, notamment wann eng konkret Gefor duerch d'Déier besteet.

An der Praxis féiert dës Situatioun dozou, datt vill betraffe Persounen ouni kloer Orientéierung oder Ënnerstëtzung bleiwen, obwuel de Besoin u Koordinatioun an Hëllef an esou Situatiounen evident ass.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Wéi vill Meldunge betreffend vermëssten Hausdéiere sinn an de leschte fënnef Joer bei der Police, dem 113, dem CGDIS oder aneren ëffentlechen Déngschter enregistréiert ginn? Kann d'Regierung dës Zuelen no Joer an, wa méiglech, no Déierenaart opleschten?
- Ass der Regierung bekannt, a wéi ville Fäll dës Meldungen un Déiereschutzorganisatiounen oder spezialiséiert Veräiner (wéi z. B. Sichhënn.lu) weidergeleet goufen oder op hir Ënnerstëtzung zeréckgegraff gouf?
- Huet d'Regierung eng Evaluatioun vum Projet „Animal Responder" virgeholl? Falls jo, zu wéi enge Conclusiounen ass si komm? Falls net, firwat net?
- Falls de Veräin Sichhënn.lu säi Service an Zukunft misst astellen oder wesentlech reduzéieren, wéi eng Organisatioun, Administratioun oder Struktur géif dann d'Aufgab vun der Sich no vermëssten Hausdéieren iwwerhuelen?
- Besteet aktuell eng national Strategie oder eng Koordinatioun am Beräich vun de vermëssten Hausdéieren? Falls nee, ass virgesinn, zesumme mat den Déiereschutzorganisatiounen an den zoustännegen Administratiounen eng entspriechend Concertatioun anzeleeden?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu